ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 18/02/2024

# Rapport vun der Kultur an Fräizäit Kommissioun

## Sëtzung vum 6 Februar 2023

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| DOEMER Patrick | BOCK Stefanie (entschëllegt) |
| VOSSMAN-KIEFER Diane | LEROY Michelle (entschëllegt) |
| PINTO Toni | BROSIUS Thierry (entschëllegt) |
| REDING-SCHARLE Corinne | CINCIS Patrick (entschëllegt) |
| WETZEL Mike | |
| WIRTZ Sandra | |
| MEYER Louis | |

## Punkt 1: Bam fir den Gemengerot

Fir Memberen déi éischte Kéier am Gemengerot sinn, ass geplangt e Bam ze planze mat enger Plackett vun den neie Memberen an dem Joer. Zur Aweiung soll en Éierewäin organiséiert ginn.

Fir en adequat Platz ze fannen ass Kontakt mam Jeff Bremer vun der Gemeng Helperknapp opgeholl ginn. Als favoriséiert Platz huet sech Areal nieft der Kierch zu Broucher ausgestallt, dat am Beräich vum Parking an der Spillplaz. Ier Beem ob den Insele vum Parking kenne geplanzt ginn, muss den Ënnergrond ob Schutt a Bëton iwwerpréift gi Falls dëst net méiglech ass, bitt Areal genuch Auswäich Méiglechkeeten. Bei de Beem Zorten ass et beschten sech u Begebenheeten unzepassen, hei kéint en eventuell Lannebeem setzen.

All Bam soll eng Plaquette aus Holz kréien an der den Numm vum neie Member a Joer aggravéiert ginn.

Kulturkommissioun freet de Gemengerot fir 2 bis 3 Datumer ze proposéieren, wéini en Zeremonië kann ofhalen?

Helperknapp, 18/02/2024

## Punkt 2: Manifestatiounskalenner

Ufangs des Joers ass den Neijoerschpatt ob de gläichen Datum wei Premier vun den Theaterfrënn Téinten geluede ginn. Et dass net Glécklech wa Gemengen Eventer zum gläiche Moment stattfanne wei Kultur Evenementer. Och déi organiséiert Busnavetten zum Neijoerschpatt huet dem Theater zousätzlech Konkurrenz gemaach. Doduerch sinn den Theaterfrënn Téinten bei der Premier Entréeë verluer gaang. An der Vergaangenheet ass et och well zu Iwwerschneidunge komm, och wann dat eventuell net un de Gemengerot matgedeelt ginn ass.

Kulturkommissioun géing sech wënschen Iwwerschneidungen an Zukunft ze evitéieren, am wëssen, dass dëst net ëmmer einfach ass.

Falls dëst gewënscht ass, géing Kulturkommissioun sech ubidden de Manifestatiounskalenner rëm ze iwwerhuelen?

## Punkt 3: Iwwerschneidungen vun Kommissioun

Kulturkommissioun huet festgestallt, dass eng Partie Themen sou wei Iddien sech mat aner Kommissioun iwwerschneiden. Fir sech ënnerteneen auszetauschen gi Vertrieder vun de Kommissioun *Relations publiques* a *Vivre-ensemble interculturel* an déi nächst Sitzung vun der Kulturkommissioun invitéiert. Et kann och well matgedeelte ginn, dass Vertrieder vu béide Kommissioun bereet sinn deelzehuelen.

## Punkt 4: Avis zum Gebai vum Lokalveräin Bëschdref

Kulturkommissioun ass vun der Gemeng gefrot gi fir en Avis zum Gebai vum Lokalveräin Bëschdref ofzeginn, wat am Kadaster an der Gemeng Helperknapp an der Sektioun BB zu Bëschdref ënnert der Nummer 330/1345 agedroen ass, an als Kulturelle Patrimoine soll klasséiert ginn. Kulturkommissioun schléisst sech dem positiven Avis vum Kulturministère u fir des Gebai als Patrimoine unzeerkennen.

Den detailléierten Avis vun der Kulturkommissioun ass well un Gemeng gaang.

## Punkt 5: KulturPass

De Schäfferot vun der Gemeng Helperknapp huet eng Stellungnam zum Rapport vun der Kulturkommissiouns Sëtzung vum 11.12.2023 gemaach, a weider Informatiounen betreffend zum KulturPass gefrot.

De Kulturpass erméiglecht Mënsche mat bescheidenen Akommes um kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg deelzehuelen. Dat duerch:

Helperknapp, 18/02/2024

- Freien Entrée bei Partnermuséeën
- Entrée zum Präis vun 1,50€ bei Evenementer vu kulturelle Partner.

All Gemeng kann sech dësem Projet uschléissen. Kulturkommissioun proposéiert der Gemeng Helperknapp och un dësem Projet ze participéieren. Fir Partner ze gi kann Gemeng ASBL iwwer den Email info@culturall.lu kontaktéieren.

Bei weidere Froen kann Gemeng gären direkte Kontakt mat der ASBL ophuelen.

## Punkt 6: Chrëschtmaart

De Schäfferot vun der Gemeng Helperknapp huet eng Stellungnam zum Rapport vun der Kulturkommissiouns Sëtzung vum 11.12.2023 gemaach, an der Sie Tendenz Huet alles beim aktuelle Stand ze beloosse wat de Chrëschtmaart betrëfft.

Kulturkommissioun kann des Äntwert net verstoen, well Integratiouns Kommissioun sou wei Gemeng mat an der Ëmsetzung vum Chrëschtmaart bedeeleg sinn an hätt sech dofir am Sënn vun enger Fusiouns Gemeng gewënscht, dass de Chrëschtmaart och fir Veräiner aus der ganzer Gemeng ob wär.

## Punkt 7: Bicherkabinne

Et geet Iddie fir an der Gemeng Bicherkabinne ze installéieren, heizou ginn et zwou Varianten:

1. Klassesch Bicherkabinne kéinten ob dëse Platzen installéiert ginn:
    - zu Brouch ob der Haaptplaz
    - zu Bëschdref am Park
    - zu Téinten ob der Haaptstrooss beim Busarrêt
    - zu Béiwen bei der neier Cité
2. Vun der Gemeng géing e Sall zu Verfügung gestallt gi fir eng Mini-Bibliothéik mat enger Kaffisstuff op ze maachen. Des Raimlechkeete wären emol an der Woch samschdes ob. Hei war Propose, dass dëst eventuell duerch Kommissioun vum Drëtten Alter organiséiert geet.

Kommissioun géing sech freeë wann Gemeng heizou en Avis kéint ofginn.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 18/02/2024

## Punkt 8: Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass de **29 Abrëll um 19h00** Auer, dënn Sall geet nach matgedeelt.

**Ordre du jour:**

1) Rapport validéieren
2) Diskussioun mat den zwou Kommissiounen
3) Bam fir den Gemengerot
4) Bicherkabinne/Bibliothéik
5) Divers
6) Nächst Sëtzung bestëmmen